LSAP

N°3903
Entrée le 10.04.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 10.04.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 10. Abrëll 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir d'Ëmwelt, d'Klima an d'Biodiversitéit weiderzeleeden.

Virun zwee Joer huet d'Weltnaturschutzunioun (IUCN) den Igel op déi rout lescht vun menacéierten Aarte gesat. De Grond fir d'Astufung vum Igel als „potenziell gefäerdet", ware Schätzungen, datt de Bestand a méi wéi der Hallschent vun de Länner an deenen d'Déier ze fannen ass zeréckgaange wier. Op iNaturalist.lu fënnt een 382 Anträg fir den *erinaceus europaeus.* 50 vun deene Siichtunge sinn am leschte Joer verzeechent ginn.

Zu Lëtzebuerg gëllt den Igel als „*intégralement protégé*". De „*Plan d'actions espèces en milieu urbain*" vun 2024 gesäit och véier Moossname fir dem Déier säi Schutz vir.

An deem Kontext géing ech dem Här Minister follgend Froe stellen:

- Läit dem Ministère eng aktuell Schätzung iwwer d'Populatiounsentwécklung vum Igel an de leschte Jore vir? Gëtt et e bemierkenswäerten Ënnerscheed tëschent dem urbanen an dem ländleche Raum?
- Wéi dacks ginn Donnéeën iwwer d'Igelpopulatioun vum Ministère a senge Verwaltungen erhuewen?
- Wéi eng Haaptursaache gesäit de Ministère fir de Réckgang vum Igel zu Lëtzebuerg ?
- Wéi eng konkret Moossname ginn aktuell geholl, fir den Igel a säi Liewensraum ze schützen?
- Wéi iwwerpréift d'Regierung d'Ëmsetzung vun de Moossnamen aus dem *„Plan d'actions espèces en milieu urbain"*?
- Wéi eng konkret Projete goufen am Kader vum „Plan d'actions espèces en milieu urbain" fir den Igel scho lancéiert, a wéi gëtt hiren Impakt bewäert?
- Wéi a wéini ass eng Evaluatioun vun de Moossnamen aus dem „Plan d'actions espèces en milieu urbain" virgesinn, a wäert si zu enger Aktualiséierung vun dem Aktiounsplang féieren?

Mat déiwem Respekt

Claire Delcourt

Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu